N° 7235
Entrée le 24.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

De Wunnengsbauministère hat am Oktober Ännerungen u sengem Mietgesetz virgeluecht. Hei huet hien eng Ännerung vum Mietpräisdeckel proposéiert, dee vun aktuell 5% vum Capital investi op 3,5% soll erofgoen. Gläichzäiteg ass de Minister higaangen an huet d'Berechnungskoeffiziente vum Capital investi geännert.

Leit, déi wollten, konnte mat engem Excel-Tableau vum Ministère ausrechnen, wéi sech d'Loyere mat deem neie Gesetz entwéckelen. Zum grousse Schock vu ville Locatairen, well mat de neie Berechnungen d'Loyeren an Zukunft souguer nach an d'Luucht géife goen!

Virun e puer Deeg huet de Logementsministère matdeele gelooss, dass ee Feeler bei de Formelen am Excel-Tableau virkomm ass. Dee Feeler gouf behuewen, sou dass d'Koeffizienten am Excel de Loyer elo richteg géife berechnen.

Wien an d'Metadonnéeë vum Excel-Fichier nokucke geet, dee gesäit, dass d'Consultingfirma Allen and Overy deen Excel-Fichier fir de Logementsministère erstallt huet. Scheinbar huet awer de Minister beim Logementsministère sengem Prestataire blann vertraut an et verpasst, fir den Tableau, deen awer e puer Wochen online accessibel war, virun der Veröffentlechung ze kontrolléieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi vill huet Allen and Overy dem Logementsministère fir d'Konzeptioun an d'Realiséierung vun dësem Excel-Tableau facturéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

**Äntwert vum Wunnengsbauminister op déi parlamentaresch Fro n°7235 vum 24. November 2022 vum Här Deputéierte Sven Clement betreffend den « fichier excel du Ministère du Logement concernant le bail à loyer ».**

Den Deputéierte freet, ob den Excel-Fichier, dee fir d'Berechnung vum Mietpräisdeckel um Site www.logement.lu publizéiert gouf, vun enger externer Consultingfirma opgestallt ginn ass a wéi vill Honoraire dofir verrechent goufen.

Déi genannte Firma war am Ausschaffe vun dësem Excel-Fichier net implizéiert a gouf dofir och net bezuelt.

De Fichier staamt ursprénglech aus engem Optrag un déi genannte Firma aus dem Joer 2019. Deemools hat de Ministère eng Broschür ausgeschafft mat Erklärungen zum bestoende Mietpräisdeckel nom Gesetz vum 21 September 2006 betreffend dem „bail à usage d'habitation". Dozou gehéiert och en Excel-Fichier fir de Plaffong nozerechnen, deen zënter Juli 2020 um Site www.logement.lu zesumme mat der Broschür ze fannen ass. Béid Publikatiounen hëllefen dem Benotzer duerch déi verschidden Etappe vun der Berechnung vum investéierte Kapital.

Lëtzebuerg, den 23/12/2022.
De Wunnengsbauminister.
(s.) Henri Kox